# FIELSER SCHOULBUET 2026-2027



# NOTTEN
# NOTES



# INHALTSVERZEECHNES
# SOMMAIRE


Virwuert - Préface . . . 3

Schoulufank 26/27 - Rentrée des classes 26/27 . . . 6

- D'Schoul fänkt un - Reprise des cours . . . 6
- Schoulzäiten - Horaires des classes . . . 7
- Schoultransport - Transport scolaire . . . 8
- Schoultransport: Auerzäiten - Transport scolaire : Les horaires . . . 9
- Kiss & Go . . . 10
- Séchere Schoulwee - Le chemin de l'école en toute sécurité . . . 11
- Schoulflicht - Obligation scolaire . . . 15
- Grondschoul - Enseignement fondamental . . . 15
- Aschreiwung an den Zyklus 1.0 - de Precoce<br>Modalités d'inscription au Cycle 1.0 - Précoce . . . 16
- Vakanzen a schoulfräi Deeg - Vacances et jours fériés . . . 17
- Absencen, Excusen an Dispensen - Absences, excuses et dispenses . . . 18
- Surveillance . . . 19
- E-Bichelchen . . . 19
- Adressen a Kontakter - Adresses et contacts . . . 20
- Charta - Charte . . . 21

Klasseverdeelung an Enseignanten - Répartition des classes et enseignants . . . 24

ESEB - Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques . . . 28

Schoulcomité - Comité d'école . . . 29

Coordinateuren - Coordinateurs de cycle . . . 30

Direktioun vun der Grondschoul - Regioun 12 Miersch<br>Direction de l'enseignement fondamental - Région 12 Mersch . . . 31

Schoulkommissioun - Commission scolaire . . . 34

Elterevertrieder - Représentants des parents . . . 36
Elterevereenegung - Association des parents d'élèves de l'école de Larochette . . . 37
Sozialaarbechterin - Assistante sociale . . . 37
Kannerinfirmière - Infirmière en pédiatrie . . . 39
Maison Relais - Service d'éducation et d'accueil . . . 40
FILANO . . . 45
Schoulprojeten - Projets d'école . . . 46
Alphabétisatioun "zesumme wuessen" . . . 46
Label "Schreibmotorik-Schule" fir d'Fielser Schoul . . . 48
PDS - Plan de Développement Scolaire . . . 49
Clever move . . . 49
Bibliothéik - Bibliothèque . . . 51
Schoulmëllech- a Schouluebstprogramm - Fruits et lait à l'école . . . 52
Reglementer - Réglementations . . . 53
Elektronesch Geräter - Appareils électroniques . . . 53
Kleederuerdnung - Tenue vestimentaire . . . 54
Prozeduren - Procédures . . . 54
Iessen - Collation . . . 54
Schwammen an Turnen - Natation et éducation physique . . . 54
CDM – Centre pour le développement moteur . . . 55
Mierscher Lieshaus . . . 56
Réckbléck 25/26 - Rétrospective 25/26 . . . 58
Info a Preventioun - Infos et prévention . . . 85
Guides pour parents . . . 85
Der sichere Schulweg - Le chemin de l'école en toute sécurité . . . 88
Regeln für Kinder - Règles pour enfants . . . 90
Service Krank Kanner Doheem . . . 92

# VIRWUERT

**Léif Elteren,**

Mir si frou, Iech eng nei Ausgab vum „Fielser Schoulbuet" präsentéieren ze kënnen.

Dir fannt am Schoulbuet nëtzlech Informatiounen iwwert

1. d'Schoul
2. d'Maison Relais
3. de Bustransport
4. an nach Villes méi.

Et wier gutt dëst Heftche wärend dem ganze Schouljoer ze versuergen, fir wichteg Informatiounen noliesen ze kënnen.

# PRÉFACE

**Chers parents,**

Nous nous réjouissons de vous présenter une nouvelle édition du « Fielser Schoulbuet ».

Vous y trouverez des informations importantes concernant :

1. l'école
2. la Maison Relais
3. le transport scolaire
4. et beaucoup plus.

Il est recommandé de garder la brochure afin de pouvoir la consulter tout au long de l'année.



# VIRWUERT

**Léif Schoulkanner, léif Elteren,
léif Enseignanten, léif Lieserinnen a Lieser,**

Mat grousser Freed haalt Dir déi nei Editioun vun eisem Schoulbuet an den Hänn. Ech hoffen, datt dëse Schoulbuet lech och dëst Schouljoer als praktesche Begleeder dénge wäert an lech all wichteg Informatiounen iwwer d'Liewe vun eiser Schoul vermëttelt.

Eng Schoul ass vill méi wéi eng Plaz, wou geléiert gëtt. Si ass e Liewensraum, an deem Kanner sech entwéckelen, Frëndschafte schléissen, Erfolleger erliewen an och léieren Erausfuerderungen unzegoen. Dofir läit mir eng gutt Zesummenaarbecht tëscht der Schoul, den Elteren, der Gemeng, der Direktioun an allen eise Partner besonnesch um Häerz. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir nëmmen zesummen e séchert, motivéierend a respektvollt Ëmfeld schafe kënnen, an deem all Kand sech wuel fillt a säi Potenzial entfale kann.

Besonnesch freeën ech mech och iwwer déi enk a vertrauensvoll Zesummenaarbecht mat eiser Maison Relais. All Dag schaffe mir Hand an Hand, mat deem selwechten Zil virun Aen: dat Bescht fir eis Kanner. Duerch e reegelméissegen Austausch an eng gemeinsam Visioun begleede mir d'Kanner duerch hire Schoulalldag a schafen eng Kontinuitéit, déi hinne Sécherheet, Orientéierung a Stäerkt gëtt.

Gläichzäiteg freeën ech mech, datt mir zesumme mat der Gemeng eis Schoul kontinuéierlech weiderentwéckelen. Mat der Moderniséierung vun de Gebaier an der Verbesserung vun eiser Infrastruktur suerge mir dofir, datt eis Kanner an engem modernen, sécheren an agreabele Léierëmfeld kënnen opwuessen. Dës Investissementer sinn net nëmmen Investissementer a Maueren oder Material, mee virun allem an d'Wuelbefannen, d'Entwécklung an d'Zukunft vun eise Kanner.

D'Wuelbefanne vun eise Kanner geet awer wäit iwwer d'Schoulmaueren eraus. Dofir freeën ech mech besonnesch, datt ab September de Projet „Séchere Schoulwee" lancéiert gëtt. Mat dëser Initiativ wëll ech zesumme mat der Gemeng, der Police, der Maison Relais an allen anere bedeelegte Partner dozou bäidroen, datt eis Kanner all Dag sécher an esou selbststänneg wéi méiglech an d'Schoul an nees heem kommen. Gläichzäiteg ass et mir wichteg, si fir e verantwortungsbewosst Verhalen am Stroosseverkéier ze sensibiliséieren an hir Autonomie ze stäerken.

Och am kommende Schouljoer wäert ech mech mat vill Engagement dofir asetzen, datt eis Schoul eng Plaz bleift, wou jidderee sech wëllkomm fillt, mat Freed léiert a respektvoll matenee lieft. D'Wuel vun de Kanner, eng héich Qualitéit vum Enseignement an eng staark Schoulgemeinschaft stinn dobäi fir mech ëmmer am Mëttelpunkt.

E ganz häerzleche Merci geet un all déi Persounen, déi sech all Dag mat vill Asaz fir eis Schoul engagéieren: d'Gemeng, d'Direktioun, d'Léierpersonal, dat edukatiivt an technescht Personal, d'Maison Relais, d'Elterevereenegung, d'Elterevertrieder an natierlech och d'Elteren, déi eis all Dag hiert Vertraue schenken. Ouni dëst gemeinsaamt Engagement wier eis Schoul net déi Plaz, wou d'Kanner net nëmme léieren, mee och wuessen, sech entfalen a sech doheem fille kënnen.

Ech wënschen alle Kanner e flotte Start an dat neit Schouljoer, vill Virwëtz, schéin Erliefnisser a vill Freed um Léieren. De Familljë wënschen ech eng gutt Zesummenaarbecht mat eiser Schoul, a mech freet et schonn elo, mat lech all e gelongent Schouljoer mat ville flotte gemeinsame Momenter ze erliewen.

Mat beschte Gréiss,

# PRÉFACE

**Chers élèves, chers parents, chers
enseignants, chers lecteurs,**

C'est avec un grand plaisir que je vous présente cette nouvelle édition de notre Schoulbuet. J'espère qu'il vous accompagnera tout au long de cette année scolaire en vous apportant les informations essentielles sur la vie de notre école.

Une école est bien plus qu'un lieu d'apprentissage. C'est un espace de vie où les enfants grandissent, développent leurs compétences, nouent des amitiés, vivent leurs premières réussites et apprennent également à relever les défis qui se présentent à eux. C'est pourquoi une collaboration étroite entre l'école, les familles, la commune, la Direction et l'ensemble de nos partenaires me tient particulièrement à cœur. Je suis convaincue que c'est ensemble que nous pouvons offrir à chaque enfant un environnement sûr, bienveillant et stimulant, dans lequel il peut s'épanouir pleinement.

Je me réjouis tout particulièrement de la collaboration étroite et fondée sur la confiance qui nous unit à notre Maison Relais. Chaque jour, nous travaillons main dans la main avec un objectif commun : offrir le meilleur à nos enfants. Grâce à un dialogue régulier et à une vision partagée, nous les accompagnons tout au long de leur quotidien et leur offrons un cadre cohérent, rassurant et propice à leur développement.

Je me réjouis également que, grâce à l'engagement de la commune, notre école continue d'évoluer. La modernisation de nos bâtiments et l'amélioration de nos infrastructures permettent à nos élèves d'évoluer dans un environnement d'apprentissage moderne, sûr et agréable. Ces investissements représentent avant tout un investissement dans le bien-être, le développement et l'avenir de nos enfants.

Le bien-être de nos enfants s'étend toutefois bien au-delà des murs de l'école. C'est pourquoi je me réjouis tout particulièrement du lancement, dès le mois de septembre, du projet « Séchere Schoulwee », consacré à la sécurité sur le chemin de l'école. Grâce à cette initiative, je souhaite, en collaboration avec la commune, la Police, la Maison Relais et l'ensemble des partenaires concernés, contribuer à ce que nos enfants puissent se rendre chaque jour à l'école et rentrer chez eux en toute sécurité et avec une autonomie croissante. Il me tient également à cœur de les sensibiliser à un comportement responsable dans la circulation routière et de renforcer leur autonomie.

Au cours de cette nouvelle année scolaire, je continuerai à m'engager avec enthousiasme afin que notre école demeure un lieu où chacun se sent accueilli, apprend avec plaisir et évolue dans un climat de respect et de bienveillance. Le bien-être des enfants, la qualité de l'enseignement et une véritable communauté scolaire resteront toujours au cœur de mes priorités.

Je tiens à adresser mes plus sincères remerciements à toutes les personnes qui s'investissent quotidiennement pour notre école : la commune, la Direction, le personnel enseignant, le personnel éducatif et technique, la Maison Relais, l'Association des Parents d'Élèves, les Représentants des Parents ainsi que l'ensemble des parents qui nous accordent leur confiance. C'est grâce à cet engagement collectif que notre école est un lieu où les enfants ne se contentent pas d'apprendre, mais où ils grandissent, s'épanouissent et se sentent pleinement à leur place.

Je souhaite à tous les enfants une excellente rentrée, riche en découvertes, en curiosité et en belles expériences. J'adresse également mes meilleurs vœux aux familles pour une collaboration harmonieuse avec notre école et je me réjouis de partager avec vous une nouvelle année scolaire remplie de beaux projets et de moments de convivialité.

Cordialement,



Ana Ribeiro
*Présidente du Comité d'école*



# SCHOULUFANK 26/27
# RENTRÉE DES CLASSES 26/27

## D'SCHOUL FÄNKT UN

Dënschdes, de **15. September 2026**, ass den éischte Schouldag.

D'Schoul fänkt um 7:50 un an dauert moies bis 12:00.

De Schoultransport an och d'Maison Relais funktionéieren normal ab dem éischte Schouldag.

## REPRISE DES COURS

Mardi, le **15 septembre 2026**, le jour de la reprise des classes, l'école commencera à 7h50.

Les cours auront lieu jusqu'à 12h00.

Les services de la Maison Relais ainsi que le transport scolaire fonctionneront normalement à partir du premier jour de classe.





## SCHOULZÄITEN
## HORAIRES DES CLASSES

### CYCLE 1

| HORAIRE | LUNDI | MARDI | MERCREDI | JEUDI | VENDREDI |
|---|---|---|---|---|---|
| 7:40 - 7:50 | surveillance | surveillance | surveillance | surveillance | surveillance |
| 7:50 - 8:10 | appui | appui | appui | appui | appui |
| 8:10 - 12:00 | cours | cours | cours | cours | cours |
| 12:00 - 12:10 | surveillance | surveillance | surveillance | surveillance | surveillance |
| | | | | | |
| 13:50 - 14:00 | surveillance | - | surveillance | - | surveillance |
| 14:00 - 15:50 | cours | - | cours | - | cours |
| 15:50 - 16:00 | surveillance | - | surveillance | - | surveillance |

### CYCLE 2-4

| HORAIRE | LUNDI | MARDI | MERCREDI | JEUDI | VENDREDI |
|---|---|---|---|---|---|
| 7:40 - 7:50 | surveillance | surveillance | surveillance | surveillance | surveillance |
| 7:50 - 12:00 | cours | cours | cours | cours | cours |
| 12:00 - 12:10 | surveillance | surveillance | surveillance | surveillance | surveillance |
| | | | | | |
| 13:50 - 14:00 | surveillance | - | surveillance | - | surveillance |
| 14:00 - 15:50 | cours | - | cours | - | cours |
| 15:50 - 16:00 | surveillance | - | surveillance | - | surveillance |

# SCHOULTRANSPORT

Fir datt de Schülertransport, dee vun der Fielser Gemeng organiséiert gëtt, zur gréisster Zefriddenheet funktionéiere kann, biede mer lech, Är Kanner op follgend Reegelen opmierksam ze maachen:

1. D'Kanner musse wärend der Dauer vum Transport sëtze bleiwen.
2. De Schoulsak muss ënnert dem Sëtz verstaut ginn. Et ass net erlaabt, de Schoulsak um Réck ze halen.
3. Et ass verbueden, am Bus ze jäizen an déi aner Kanner ze stoussen.
4. D'Kanner mussen dem Buschauffer an dem Begleetpersonal am Bus follegen.
5. D'Kanner sollen oppassen, datt de Bus propper bleift. Dowéinst ass et och verbueden, am Bus z'iessen an ze drénken.
6. Et ass erlaabt, e Ball mat an de Bus ze huelen, wann dësen an enger Tut transportéiert gëtt.
7. De Bus ass mat Gurten ausgestatt, also mussen d'Kanner dës och undoen.

Wann e Kand dës Reegelen net respektéiert, dann informéiert de Buschauffer oder d'Busbegleeder d'Elteren. D'Léierpersonal gëtt och informéiert.

Jee nodeem, wat virgefall ass, kann d'Gemeng e Kand wärend enger bestëmmter Dauer vum Bus-transport ausschléissen. An dësem Fall kréien d'Elteren an den Enseignant e Bréif vun der Gemeng, wou si iwwert dëse Schrëtt informéiert ginn. D'Eltere mussen dann dofir suergen, datt hiert Kand an d'Schoul kënnt.



# TRANSPORT SCOLAIRE

Pour que le transport scolaire organisé par la commune de Larochette puisse fonctionner correctement et en toute sécurité, nous vous prions de bien vouloir rendre attentif votre enfant aux règles suivantes :

1. Les enfants doivent rester assis pendant toute la durée du transport scolaire.
2. Les cartables doivent être rangés sous les sièges. Il n'est pas permis de s'asseoir avec le cartable adossé contre le siège.
3. Il est interdit de crier dans le bus et de pousser les autres enfants.
4. Les enfants doivent respecter et suivre les directives du personnel surveillant et du chauffeur de bus.
5. Les enfants doivent respecter la propreté des sièges. Ainsi, il est interdit de manger et de boire pendant le trajet.
6. Il est permis d'emmener des ballons de foot dans le bus, sous condition qu'ils soient transportés dans un sachet ou un filet.
7. Le bus est équipé de ceintures de sécurité, le port de celles-ci est obligatoire.

En cas de non-respect de ces règles, le personnel surveillant ou le chauffeur de bus contacteront les parents de l'élève. Le titulaire de l'élève en sera aussi informé.

Selon la gravité des faits, la commune pourra exclure l'enfant du transport scolaire pendant une certaine durée. Les parents et le titulaire de classe seront informés par écrit par la commune de la mesure disciplinaire décidée.

Dans ce cas, les parents devront eux-mêmes organiser le déplacement de leur enfant vers l'école.

# SCHOULTRANSPORT – AUERZÄITEN
# TRANSPORT SCOLAIRE – LES HORAIRES

### ALLER MATIN

| | |
|---|---|
| Chapelle Ernzen | 07h30 |
| Plateau Ernzerberg | 07h35 |
| Arrêt Distelfeld | 07h38 |
| Arrêt Manzebaach | 07h43 |
| École fondamentale | 07h45 |

### ALLER APRÈS-MIDI

| | |
|---|---|
| Chapelle Ernzen | 13h43 |
| Plateau Ernzerberg | 13h48 |
| Arrêt Distelfeld | 13h51 |
| Arrêt Manzebaach | 13h55 |
| École fondamentale | 13h58 |

### RETOUR MIDI

| | |
|---|---|
| École fondamentale | 12h05 |
| Arrêt Manzebaach | 12h08 |
| Chapelle Ernzen | 12h11 |
| Plateau Ernzerberg | 12h16 |
| Arrêt Distelfeld | 12h19 |

### RETOUR APRÈS-MIDI

| | |
|---|---|
| École fondamentale | 16h00 |
| Arrêt Manzebaach | 16h03 |
| Chapelle Ernzen | 16h06 |
| Plateau Ernzerberg | 16h11 |
| Arrêt Distelfeld | 16h14 |

D'Surveillance am Schoulbus gëtt vum Personal aus der Maison Relais assuréiert. Bei Froe kënnt Dir lech un d'Surveillante d'Madamm Fabienne MESEN wenden um 691 470 699.

La surveillance du bus scolaire sera assurée par le personnel de la Maison Relais. En cas de besoin, veuillez contacter la surveillante Mme Fabienne MESEN au 691 470 699.



## KISS & GO

E "Kiss & Go" System ass op der Plaz fir d'Surveillance vun de Kanner virun an no der Schoulzäit ze erliichteren. D'Konditioune sinn:

1. Moies um 7:50 däerfen d'Elteren hir Kanner an de Schoulhaff begleeden.
2. D'Eltere waarden um 12:00 a 15:50 ausserhalb vum Schoulhaff op hir Kanner.
3. Um 14:00 begleeden d'Elteren hir Kanner just bis bei d'Entrée vum Schoulhaff.
4. D'Eltere vun de Kanner aus dem Precoce, komme moies an am Nomëtteg duerch den Haff vum Cycle 1 a waarden um 12:00 an um 15:50 virun dësem Haff.
5. D'Educateure vun der Maison Relais huelen d'Kanner, déi do ugemellt sinn, um 12:00 a 15:50 Auer am Schoulhaff of.

D'Surveillance, déi vun den Enseignanten organiséiert gëtt, funktionéiert am Schoulhaff vu 7:40 bis 7:50 a vun 13:50 bis 14:00 an um Parking beim Schoulbus vun 12:00 bis 12:10 a vu 15:50 bis 16:00.

Fir Uerdnung an e proppere Haff ze garantéieren, sinn Hënn do net erlaabt. Mir erënneren lech och drun, datt et dem Gesetz no streng verbueden ass, um Schoulterrain an an der Ëmgéigend ze fëmmen.

## KISS & GO

Un système « Kiss & Go » est en place afin de faciliter la surveillance des enfants avant et après les heures de classe. Les modalités sont les suivantes :

1. Le matin à 7h50, les parents sont autorisés à accompagner leurs enfants dans la cour de l'école.
2. Les parents attendent leurs enfants en dehors de la cour de l'école à 12h00 et à 15h50.
3. À 14h00, les parents n'accompagnent leurs enfants que jusqu'à l'entrée de la cour.
4. Les parents des enfants qui fréquentent la classe du Précoce entrent le matin et l'après-midi par la cour du Cycle 1 et attendent leurs enfants à 12h00 et à 15h50 devant cette cour.
5. Les éducateurs/éducatrices de la Maison Relais rassemblent les enfants qui sont inscrits dans la Maison Relais dans la cour de l'école à 12h00 et à 15h50.

Une surveillance organisée par les enseignants fonctionne dans la cour de l'école de 7h40 à 7h50 et de 13h50 à 14h00 et aux alentours du bus scolaire, de 12h00 à 12h10 et de 15h50 à 16h00.

Pour garantir l'ordre et la propreté dans la cour, les chiens ne sont pas autorisés à y accéder. Nous vous rappelons également que, d'après la loi, il est strictement interdit de fumer dans la cour de l'école ainsi que dans les alentours.



## SÉCHERE SCHOULWEE

Ab September setzen d'Gemeng Fiels an eis Schoul de "Séchere Schoulwee" ëm, fir d'Schülerinnen an d'Schüler ze encouragéieren, sécher ze Fouss an d'Schoul ze kommen.

De Logo "Feelser Jhangeli" markéiert déi verschidde recommandéiert Weeër, déi an d'Schoul féieren, sou datt d'Kanner an hir Familljen déi sécherst Strecken einfach erkennen.

Fir dës Initiativ unzefänken, gëtt am Ufank vum Schouljoer eng Sensibiliséierungswoch organiséiert. Dobäi ginn d'Schülerinnen an d'Schüler mat de wichtegste Reegelen am Stroosseverkéier vertraut gemaach a léieren hire sécherste Wee an d'Schoul kennen.

Wann ech zu Fouss an d'Schoul ginn, halen ech mech un dës Reegelen:

1. Ech ginn ëmmer op der sécherer Säit vum Trottoir, wäit ewech vun der Strooss.
2. Ech gi beim Zebrasträifen iwwert d'Strooss: Ech kucke fir d'éischt no lénks, dann no riets, an dann nach emol no lénks éier ech iwwert d'Strooss ginn. Ech ginn iwwert d'Strooss, wa keen Auto kënnt oder e stoe bleift fir mech laanscht ze loossen.
3. Ech gi bei enger rouder Luucht iwwert d'Strooss: bei Rout bleiwen ech stoen, bei Gréng kann ech iwwert d'Strooss goen. Ech passen dobäi awer ëmmer gutt op.
4. Fir dass d'Autofuerer mech gutt am Däischtere gesinn, passen ech meng Kleedung un:
   - hell Kleeder
   - reflektéierend Bännercher op menge Kleeder
   - reflektéierend Bännercher oder Blinki op mengem Schoulsak
   - eng Sécherheetsveste.

## LE CHEMIN DE L'ÉCOLE EN TOUTE SÉCURITÉ

Dès le mois de septembre, la commune de Larochette et notre école mettront en place le « Séchere Schoulwee » afin d'encourager les élèves à se rendre à pied à l'école en toute sécurité.

Le logo « Feelser Jhangeli » marquera les différents itinéraires recommandés menant à l'école, permettant aux enfants et à leurs familles d'identifier facilement les chemins les plus sûrs.

Afin de lancer cette initiative, une semaine de sensibilisation sera organisée en début d'année scolaire. Les élèves y seront sensibilisés aux bonnes pratiques et découvriront leur chemin le plus sûr pour se rendre à l'école.

Si je vais à pied à l'école, je respecte les règles suivantes :

1. Je marche toujours du côté sûr du trottoir, loin des voitures.
2. Je traverse la route au passage pour piétons : je regarde à gauche, à droite et encore une fois à gauche avant de traverser la rue. Je traverse la route seulement si je ne vois pas de voiture ou si elle s'arrête pour me laisser passer.
3. Je traverse la route au feu de signalisation : si le feu est rouge, je dois m'arrêter. Si le feu est vert, je peux traverser la route. Je reste toujours attentif/attentive.
4. Pour que les automobilistes puissent m'apercevoir plus aisément dans le noir, je porte :
   - des vêtements clairs
   - des bandes réfléchissantes sur mes vêtements
   - des bandes réfléchissantes ou un Blinki sur mon cartable
   - un gilet de sécurité.

FEELSER JHANGELI

# SCHOULWEEËR

## fir an d'Fielser Grondschoul ze goen

## Chemins scolaires vers l'École fondamentale de Larochette



Eng Aktioun vun der Gemeng Fiels
Une action de la Commune de Larochette

**www.larochette.lu**

Gemeng Fiels





## Zu Fouss an d'Schoul

### À pied à l'école

1. **Ech weess, wéi ech mech am Verkéier richteg verhalen, a si selbststänneg ënnerwee.**
   *J'apprends à me comporter correctement dans la circulation et je deviens de plus en plus autonome.*
2. **Ech beweegen mech a bleiwe fit a gesond.**
   *Je bouge pour rester en forme et en bonne santé.*
3. **Ech léieren aner Kanner kennen a ginn zesumme mat hinnen an d'Schoul. An enger Grupp si mir besser ze gesinn a méi sécher ënnerwee.**
   *Je fais la connaissance d'autres enfants en me rendant à l'école à pied. Un groupe est plus visible et plus en sécurité.*
4. **Ech muss net waarden, bis meng Eltere mech mam Auto sichen. Ech ginn einfach zu Fouss heem.**
   *Je ne dois pas attendre que mes parents viennent me chercher en voiture. Je peux tout simplement rentrer à pied.*
5. **Ech schounen d'Ëmwelt a droen dozou bäi, datt d'Loft ronderëm d'Schoul méi propper gëtt.**
   *Je protège l'environnement et je contribue à améliorer la qualité de l'air autour de l'école.*
6. **Gitt am Ufank de Schoulwee zesumme mat Ärem Kand a kuckt, ob et méiglech ass, eng Grupp mat anere Kanner ze bilden.**
   *Au début, accompagnez votre enfant sur le chemin de l'école et voyez s'il est possible de former un groupe avec d'autres enfants.*
7. 


## Mam Auto an d'Schoul

### En voiture à l'école

1. **Dir braucht Äert Kand net direkt virun der Schoul erausklammen ze loossen. Benotzt dofir de Parking oder d'„Kiss & Go"-Zone.**
   *Il n'est pas nécessaire de déposer votre enfant juste devant l'école. Utilisez plutôt le parking ou la zone « Kiss & Go ».*
2. **Behënnert de Verkéier net, andeems Dir op der Strooss stoe bleift, a parkt och net um Trottoir. Sou bréngt Dir weder Äert eegent nach aner Kanner a Gefor.**
   *Ne gênez pas la circulation en vous arrêtant sur la chaussée et ne stationnez pas sur le trottoir. Vous mettriez ainsi votre enfant ainsi que les autres enfants en danger.*
3. **Gitt de Foussgänger um Foussgängersträifen ëmmer de Virtrëtt.**
   *Accordez toujours la priorité aux piétons sur les passages pour piétons.*
4. **Huelt och Kanner aus der Noperschaft mat a grënnt Fuergemeinschaften.**
   *Emmenez aussi les enfants du voisinage et organisez des covoiturages.*






## SCHOULFLICHT

1. Nom Artikel 7 aus dem Gesetz vum 6. Februar 2009 betreffend d'Schoulflicht, muss all Kand, dat zu Lëtzebuerg wunnt a virum 1. September 4 Joer al ass, dat Schouljoer ageschoult ginn. Des Schoulflicht dauert wéinstens 14 Joer.
2. Op Ufro vun den Elteren an no Geneemegung vum Gemengerot kann dës Aschoulung am 1. Zyklus ëm 1 Joer zréckversat ginn, wann de Gesondheetszoustand oder den Entwécklungsstand vum Kand dëst justifiéiert. D'Elteren adresséieren dee Moment eng Ufro mat engem Certificat vun engem Kannerdokter un d'Gemengeverwaltung.
3. All d'Kanner, déi net do, wou se ugemellt sinn, an d'Schoul ginn, musse vun hiren Eltere spéitstens 8 Deeg no Schoulufank bei der Gemengeverwaltung ofgemellt ginn. D'Eltere mussen e Certificat areechen, dee beweist, datt d'Kand an enger anerer Schoul ageschriwwen ass.

## OBLIGATION SCOLAIRE

1. Conformément à l'article 7 de la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire, tout enfant habitant le Luxembourg et âgé de quatre ans révolus avant le premier septembre doit commencer sa scolarisation cette année scolaire. Cette obligation s'étend sur quatorze années consécutives à partir du premier septembre de l'année en question.
2. À la demande des parents et sur autorisation du conseil communal, l'admission au premier cycle de l'enseignement fondamental peut être différée d'une année si l'état de santé ou si le développement physique ou intellectuel de l'enfant justifie cette mesure. Les parents adressent leur demande à l'administration communale en y joignant un certificat établi par un pédiatre.
3. Pour les enfants résidents en âge scolaire qui ne fréquentent pas une classe dans la commune, les parents devront en informer sans délai et au plus tard 8 jours après le début des cours l'administration communale, en remettant obligatoirement un certificat d'inscription scolaire.

## GRONDSCHOUL

Déi ëffentlech Grondschoul ass fir Kanner vun 3 bis 11 Joer. Dës 9 Schouljore sinn a 4 Léierzyklen opgedeelt. All Kand, dat zu Lëtzebuerg wunnt a bis den 1. September 4 Joer huet, muss an d'Grondschoul. Den Zyklus 1 besteet aus dem Precoce (3 bis 4 Joer) an dem Préscolaire (4 bis 5 Joer), woubäi de Precoce fakultativ ass. D'Zyklen 2 bis 4 (6 bis 11 Joer) entspriechen der fréierer Primärschoul.

## ENSEIGNEMENT FONDAMENTAL

L'école fondamentale publique accueille les enfants de 3 à 11 ans. Elle comprend neuf années de scolarisation réparties sur quatre cycles d'apprentissage. Tout enfant habitant le Luxembourg âgé de 4 ans révolus avant le 1er septembre doit fréquenter l'école fondamentale. Le cycle 1 comprend l'éducation précoce (3 à 4 ans), qui est facultative, et l'éducation préscolaire (4 à 5 ans). Les cycles 2 à 4 (6 à 11 ans) correspondent à l'enseignement primaire.

## ASCHREIWUNG AN DEN ZYKLUS 1.0 – DE PRECOCE

D'Aschreiwung vun Ärem Kand an de Precoce ass fakultativ a fënnt am Fréijoer virum Ufank vum Schouljoer statt. D'Eltere vun de concernéierte Kanner kréien e Bréif mat engem Umeldungsformular vun der Gemengeverwaltung. Eemol ugemellt, soll d'Participatioun reegelméisseg a nom gewielten Zäitplang sinn.

Nëmme Kanner, déi den 1. September vum aktuelle Joer den Alter vun 3 Joer erreecht hunn, si berechtegt fir an de Precoce.

### Wat sinn d'Virdeeler vum Precoce?

Äert Kand léiert mat anere Kanner ze kommunizéieren an ze spillen (Sozialiséierung) souwéi sech an der Lëtzebuerger Sprooch auszedrécken a seng kreativ Fäegkeeten ze entwéckelen.

All Kand, dat virum 1. September vum aktuelle Joer den Alter vu 4 Joer erreecht huet, kënnt an den Zyklus 1.1. Ab 4 Joer ass d'Schoul obligatoresch. Äert Kand gëtt automatesch an der Schoul ugemellt, déi Ärem Wunnsëtz entsprécht.



## MODALITÉS D'INSCRIPTION AU CYCLE 1.0 – PRÉCOCE

L'inscription de votre enfant à l'éducation précoce est facultative et se fait au printemps avant le commencement de l'année scolaire. Les parents des enfants concernés reçoivent un courrier contenant un formulaire d'inscription de la part de l'administration communale. Une fois inscrit, la fréquentation devra se faire d'une façon régulière suivant l'horaire choisi.

Seulement les enfants ayant atteint l'âge de 3 ans le 1er septembre de l'année en cours sont admissibles à l'éducation précoce.

### Quels sont les avantages de la fréquentation de l'éducation précoce ?

Votre enfant apprend à communiquer et à jouer avec d'autres enfants (socialisation) ainsi qu'à s'exprimer en langue luxembourgeoise et à développer ses facultés créatrices.

Dès l'âge de 4 ans, l'école est obligatoire. Votre enfant est inscrit d'office à l'école qui correspond à votre lieu de résidence. Sont admissibles au cycle 1.1 tous les enfants ayant atteint l'âge de 4 ans avant le 1er septembre de l'année en cours.

## VAKANZEN A SCHOULFRÄI DEEG

D'Schouljoer 2026/2027 fänkt Dënschdes de **15. September 2026** un a geet bis Donneschdes de **15. Juli 2027**.

De Kalenner ass follgenden:

**Allerhellegevakanz**
Samschdeg 31.10.2026 - Sonndeg 08.11.2026

**Chrëschtvakanz**
Samschdeg 19.12.2026 - Sonndeg 03.01.2027

**Fuesvakanz**
Samschdeg 06.02.2027 - Sonndeg 14.02.2027

**Ouschtervakanz**
Samschdeg 27.03.2027 - Sonndeg 11.04.2027

**Dag vun der Aarbecht**
Samschdeg 01.05.2027

**Christi Himmelfahrt**
Donneschdeg 06.05.2027

**Péngschtméindeg**
Méindeg 17.05.2027

**Päischtvakanz**
Samschdeg 29.05.2027 - Sonndeg 06.06.2027

**Nationalfeierdag**
Mëttwoch 23.06.2027

**Summervakanz**
Freideg 16.07.2027 - Dënschdeg 14.09.2027

## VACANCES ET JOURS FÉRIÉS

L'année scolaire débute le mardi **15 septembre 2026** et finit le jeudi **15 juillet 2027**.

Le calendrier est le suivant :

**Congé de la Toussaint**
samedi 31.10.2026 - dimanche 08.11.2026

**Vacances de Noël**
samedi 19.12.2026 - dimanche 03.01.2027

**Congé de Carnaval**
samedi 06.02.2027 - dimanche 14.02.2027

**Vacances de Pâques**
samedi 27.03.2027 - dimanche 11.04.2027

**Fête du travail**
samedi 01.05.2027

**Ascension**
jeudi 06.05.2027

**Lundi de Pentecôte**
lundi 17.05.2027

**Congé de la Pentecôte**
samedi 29.05.2027 - dimanche 06.06.2027

**Fête nationale**
mercredi 23.06.2027

**Vacances d'été**
vendredi 16.07.2027 - mardi 14.09.2027



# ABSENCEN, EXCUSEN AN DISPENSEN

All Absence muss an der Schoul bis 8:15 moies, respektiv bis 14:15 mëttes, gemellt ginn.

Mir bieden d'Elteren, all Rendez-vous beim Dokter ausserhalb vun der regulärer Schoulzäit ze huelen.

E Krankeschäin muss ab dem 3. Dag virgeleucht ginn.

Onentschëllegt Feelen, souwéi Feelen ouni valabele Grond, sinn Infraktiounen, déi dem Buergermeeschter musse weidergeleet ginn. Dësen informéiert dann d'Schouldirektioun.

Am Fall wou Äert Kand net um Schoulunterrecht kann deelhuelen, kënnt Dir dëse Modell vun Entschëllegung benotzen (QR Code).

Eng Dispens opgrond vun enger motivéierter Ufro vun den Elteren kann accordéiert ginn:

**A.** vum Enseignant fir een Dag maximal,

**B.** vum President vum Schoulcomité fir 2 bis 5 Deeg. Dës Ufro muss schrëftlech agereecht ginn.

Eng schrëftlech Ufro muss hei agereecht ginn:


**Ana RIBEIRO**
*Présidente du comité d'école*
21, rue de Medernach L-7619 Larochette
ana.ribeiro@education.lu


Eenzeg valabel Motiver sinn Doudesfäll an der Famill oder Fäll vun héijer Gewalt. Ausser duerch d'Geneemegung vum Minister dierf d'Unzuel vun den Dispense pro Joer 15 Deeg net iwwerschreiden, dovunner héchstens 5 Deeg hannerteneen.

D'Léierpersonal huet kee Recht, eng Verlängerung vun de Vakanzen ze entschëllegen!

# ABSENCES, EXCUSES ET DISPENSES

Toute absence doit être signalée à l'école avant 8h15 le matin, et avant 14h15 l'après-midi.

Les parents sont priés de demander tout rendez-vous chez un médecin en dehors de l'horaire scolaire.

Un certificat médical doit être présenté à partir du 3e jour d'absence.

Les absences non excusées et les absences sans motif valable constituent des infractions et sont signalées au bourgmestre qui informe à son tour le directeur de région.

Si votre enfant ne peut pas fréquenter l'école, vous pouvez utiliser le modèle d'excuse suivant (QR code).

Une dispense de fréquentation scolaire, faite sur demande motivée des parents, peut être accordée :

**A.** par l'enseignant(e) pour une durée d'une journée ;

**B.** par le président du Comité d'école pour une durée entre 2 et 5 journées. Cette demande se fait sous forme écrite.

Les demandes écrites sont à adresser à l'adresse suivante.

Les seuls motifs valables sont le décès d'un proche ou un cas de force majeure. Sauf autorisation du ministre, l'ensemble des dispenses accordées ne peut dépasser quinze jours dont cinq jours consécutifs par année scolaire.

Le personnel enseignant n'est pas en mesure d'excuser des absences dues à une prolongation des vacances !

# SURVEILLANCE

D'Léierpersonal vun der Schoul garantéiert eng Surveillance vun zéng Minutte jeeweils virun an no de Coursen. Ausserhalb vun dësen Zäite stinn d'Kanner, déi sech am Schoulhaff befannen, ënnert der Verantwortung vun den Elteren oder vun der Maison Relais, wann si bei hinnen dee Moment ageschriwwe sinn.

# SURVEILLANCE

Une surveillance de dix minutes avant et après les cours est organisée par l'école. En dehors des heures de surveillance définies, les enfants se trouvant dans l'enceinte de l'école agissent sous la responsabilité de leurs parents ou de la Maison Relais, s'ils y sont inscrits à ce moment.

# E-BICHELCHEN

D'e-Bichelchen ass e virtuellen Agenda fir d'Hausaufgaben, d'Absencen an all aner Kommunikatioun oder Austausch am Cycle 1-4.

Fir et ze benotzen, muss ee fir d'éischt d'App vum e-Bichelchen am App Store oder bei Google Play eroflueden.

Da muss een de Code, deen ee vum Enseignant krut, aginn an d'e-Bichelchen ass installéiert.

# E-BICHELCHEN

L'e-Bichelchen est un agenda virtuel pour les devoirs à domicile, les absences ou toutes autres communications et échanges du cycle 1 au cycle 4.

Pour l'utiliser, il faut tout d'abord télécharger l'application e-Bichelchen dans l'App Store ou chez Google Play.

Une fois le code reçu par l'enseignant saisi, l'e-Bichelchen est correctement installé.

Tutorial fir Elteren
Tutoriel pour parents



# ADRESSEN A KONTAKTER
# ADRESSES ET CONTACTS

### Direction de l'enseignement fondamental - Région Mersch

**Alain REEFF**
*Directeur*

**Siège principal Mersch**
5, rue des Près L-7561 Mersch

**Annexe Bissen**
22, ZAC Kléngbousbierg L-7795 Bissen
24 75 58-10
direction.mersch@men.lu
secretariat.mersch@men.lu

### Administration Communale de Larochette

33, chemin J.-A. Zinnen
L-7626 Larochette
83 70 38

### École fondamentale Cycles 1-4

**Ana RIBEIRO**
87 80 05-33
(pendant les heures scolaires)
ana.ribeiro@education.lu

**École fondamentale de Larochette**
87 80 05

### Bicherbus

Rue Joseph Merten L-9257 Diekirch
80 30 81
www.bicherbus.lu
bicherbus@bnl.lu

### Maison Relais vun de Fielser Bidestëpp asbl

55, chemin J.-A. Zinnen
L-7626 Larochette
26 87 37-81
mrlarochette@youthhostels.lu

### Filano

Plateau Birkelt L-7633 Larochette

*Responsable hall omnisport :*
**Christian SCHULTÉ**
26 87 10

*Responsable piscine :*
**Nancy WINTERSDORFF**
**Marcel HORTIAN**
26 87 10-06

### Médecine scolaire

**Centre Médico-Social**
17, rue de la Gare L-7535 Mersch
32 58 20-1
ligue@ligue.lu

**Anja CECCATO**
*Infirmière en pédiatrie*
32 58 20-26/621 201 124

**Simone KIEFFER**
*Assistante sociale*
32 58 20-21/621 201 296

### Surveillance du bus

**Fabienne MESEN**
691 470 699

# CHARTA

Eis Schoulcharta hëlleft, e gesond Schoulklima ze schafen. Si enthält souwuel Rechter wéi och Flichten a soll all Member vun der Schoulgemeinschaft als Leetfuedem déngen, am Interêt vun engem gudde Schoulbetrib.

# CHARTE

La charte scolaire nous aide dans un esprit de solidarité à créer un climat favorable à l'apprentissage, au travail et à la vie scolaire. Notre charte scolaire reprend les droits et les devoirs de tous les membres de la communauté scolaire et doit servir de guide pour tous, dans l'intérêt du bon fonctionnement de l'école.





# KLASSEVERDEELUNG AN ENSEIGNANTEN
# RÉPARTITION DES CLASSES ET ENSEIGNANTS

## CYCLE 1



**Alexandra FERREIRA**
*Précoce éducatrice*

**Carmen RÜSING**
*Sproocheprojet*
87 80 05-24

**Michèle KAUFFMANN**
*C1.1/C1.2*
87 80 05-27

**Laure NICKELS**
*Décharges*

**Melissa TEIXEIRA**
*Précoce*
87 80 05-22

**Sandra LAHR**
*C1.1/C1.2*
87 80 05-28

**Jil WAGNER**
*Autre intervenante*

**Carine SCHULLER**
*Précoce éducatrice*



## CYCLE 2



**Lynn KOOB**
*Décharges*

**Yana MINY**
*Décharges*

**Cindy ANTHON**
*C2.1 groupe d'alphabétisation en langue française*
87 80 05-37

**Cindy COSTA LAGE**
